

# Iirgendeppes as geschitt

Iirgendeppes as mat denen Dauwe lass. Hutt Dir schon's Dauwe mat-sen an enger Wiss gesi sëtzen? Ech hätt et och nët gegleeft, mä ech kann Iech se weisen, ech fueren all Dag laanscht déi Wiss. Iirgendeppes stëmmt do nët.

Viru Jore stoungen hei Haiser. An eng Wiirtschaft. An e Schapp hannert der Wiirtschaft. Op deem séngem Dag souzen se deemoos. Wann ee laanscht gefuer as, hätt ee bal gemengt, deen Daach wir sou gro mat Leë gedeckt, mä 't waren d'Dauwen, déi hei hire Staminet haten.

Vun do waren et nëmmen e puer Flilleksschléi bis erof virun d'Wiirtschaft odder bis bei déi kleng Al vun der Maartplaz; odder bis an de Klackentur, wou di grouss Auer geschafft a geklont huet.

Hanne beim Schapp goufe mueres d'Uerze vun deene Leit aus-gestreet, déi den Owend virun dem Minna séng Hamen- odder Gekachtekéissschmier geschmaacht haten. Di kleng Al vun der Plaz hat och de Wanter eppes am Schiertech fir ze streën. A vum Klackentur huet een nëmme brauchen d'Flilleken auserneezeman, dann as ee vum selwen um Schappendaach gelant. Da

woussten d'Leit, elo schléit d'Auer gläich, d'Dauwe man sech aus dem Stéps. Déi Schléi halen se nët aus. Mä fénnef Minutten drop souzen se nees am Klackestull, déi eng odder aner seger op engem Zär.

An du goug, enges Daags d'Welt ënner. Maschine wéi Panzer koumen. D'Wiirtschaft, d'Haiser, de Schapp sin an e Koup getrollt, a kee wusst, wat dat géif. D'Dauwen am mannsten. D'Leit stoungen op der Strooss an hun nogekuckt, wéi se hiren Eck méi schéi gemaach hun.

Mä laang stoungen se nët do. Se hun hinnen nei Stroossen ënner d'Féiss gegoss, an déi waren nët fir eng Kosettchen drop ze halen. Aus allen Ecke koumen d'Autoë geschoss, wéi wann se sech hei Rendez-vous gin hätten. Eng Hamen- oder Gekachtekéissschmier gouf et jo awer keng méi hei.

Eng Zäit laang souzen d'Dauwen nach um Kiirchendaach an am Tur. Mä hire Schapp koum nët méi dohin. Déi Al mam Schiertech huet sech nët méi gewisen, a wéi dat ganz sécher war, huet een d'Dauwe vun engem Dag op deen aneren nët méi gesinn. Se sin an d'Stad erop, huet et geheescht.

Iirgendeppes as mat de Leit lass. Hei wou d'Dauwen um Schapp souzen a wou d'Leit hire Béier gedronk hun, weist keen sech méi. D'Stroosse sin, wéi gesot, fonkelnei a breet, mä 't wëllt kee méi driwwer. Déi, déi di aner Säit vun der Baach wunnen, komme kaum nach bis erop, an ëmgedrëit as och gefuer. 'T mengt ee bal, 't misst een do bleiwen, wou ee gebuer as, déi Säit odder dës Säit.

'T versteet een dat nët. Wéi alles fäerdeg war, hun se dach déi grouss Wiss ugeséit; 't as well vu fäitem eng Gellecht fir drop lass ze fueren. An och de Kiirchtuerm wénkt engem op zwee Kilometer.

Wéinstens d'Kanner missten op där Wiss doheem sin a spillen, hätt ee geduecht; déi vun déi Säit an déi vun dës Säit. Sou léiren se sech jo iwerhaapt nët méi kennen!

A firwat picknicken déi Grouss nët drop? Déi, déi soss hei hir Hamen- oder Gekachtekéissschmier giess hun? Dee ganze laange, waarme Summer huet ee keng Séil drop gesinn; fir Maargreidercher ze plécken odder einfach an der Sonn ze leien. Wat as lass? Wiem bauen se schon's sou eng Wiss dohinner?

Iirgendeppes as mat deenen Dauwe lass. Nët mat deenen Alen, dat hei si schon hir Jong; di Al sin agang. An der Stad son se. Un der Stad son se. Mä di Jong hei hun eppes am Blut. Eppes as lass.

Soss séizen déi nët op eemol nees do, wou denen alen hire Schapp stoung; soss séizen se nët matzen an där Wiss. Keng Dauf mécht dat anerwäerts.

Mengt awer nët, se géifen och nees an de Klackentur fléien, op den Zäre vun der Auer klunschen! 'T muss eppes sin, wat se do stéiert. 'T as eppes anescht wéi dat, wat di Al hinne verzielt haten.

Gëschter as mer agefall, u wat et kënt leien: Aus dem Tur fale keng Klackeschléi méi; d'Zeeche fir erfrefléien as gestuerwen. D'Auer as stoëbliwwen, 't wees kee genee, wéini.

'T muss geschitt sin, wéi se d'Zären eng Stonn wollte virréckelen; wéi di nei Zäit agestallt gouf.

'T as de Leit och egal. Se këmmen sech nët méi drëm. Déi déi Säit nët an déi dës Säit och nët.

'T as nët nëmmen eppes mat den Dauwe geschitt.

josy braun

